
N° 123/2021

# FUN & FRIENDS




NEWS VUM SCOUTSBIERG

**GRENG SCOUTEN A GUIDEN ASBL**
**www.grengscouten.lu**

fnel scouts & guides

GRENG SCOUTEN DIDDELENG Luxembourg

# FNEL calendrier 2021/2022

| 2021 | | | | 2022 | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| September | Oktober | November | Dezember | Januar | Februar | März | April | Mai | Juni | Juli | August | September |
| 1 Mi | 1 Fr | 1 Mo SC/EX | 1 Mi | 1 Sa JF | 1 Di | 1 Di | 1 Fr | 1 So JF | 1 Mi | 1 Fr | 1 Mo 31 | 1 Do |
| 2 Do | 2 Sa | 2 Di SC/EX | 2 Do | 2 So | 2 Mi CoDir | 2 Mi CoDir | 2 Sa 1. Klass/ Explorerbrevet | 2 Mo 18 | 2 Do | 2 Sa | 2 Di | 2 Fr |
| 3 Fr | 3 So | 3 Mi LX/BV | 3 Fr | 3 Mo 1 | 3 Do | 3 Do | 3 So 1. Klass/ Explorerbrevet | 3 Di | 3 Fr | 3 So | 3 Mi | 3 Sa |
| 4 Sa | 4 Mo CA FA 40 | 4 Do LX/BV | 4 Sa | 4 Di | 4 Fr | 4 Fr | 4 Mo 1. Klass/ Explorerbrevet | 4 Mi CoDir | 4 Sa | 4 Mo CA FAF 27 | 4 Do | 4 So |
| 5 So | 5 Di | 5 Fr LX/BV | 5 So | 5 Mi CoDir | 5 Sa BB | 5 Sa | 5 Di 1. Klass/ Explorerbrevet | 5 Do | 5 So | 5 Di | 5 Fr | 5 Mo CoDir |
| 6 Mo CoDir 36 | 6 Mi CoDir | 6 Sa LX/BV | 6 Mo 49 | 6 Do | 6 So BB | 6 So | 6 Mi CoDir | 6 Fr | 6 Mo JF 23 | 6 Mi CoDir | 6 Sa | 6 Di |
| 7 Di | 7 Do | 7 So | 7 Di | 7 Fr | 7 Mo CA FAF 6 | 7 Mo 10 | 7 Do | 7 Sa EX Raid/ S | 7 Di | 7 Do | 7 So | 7 Mi CoGro / AG LAF |
| 8 Mi CoGro/AG L | 8 Fr | 8 Mo 45 | 8 Mi CoDir | 8 Sa | 8 Di | 8 Di | 8 Fr | 8 So EX Raid | 8 Mi CoDir | 8 Fr | 8 Mo 32 | 8 Do |
| 9 Do | 9 Sa LX ATH | 9 Di | 9 Do | 9 So EX Sports | 9 Mi IC / Respec | 9 Mi IC / Respect It | 9 Sa | 9 Mo BFD 19 | 9 Do | 9 Sa | 9 Di | 9 Fr |
| 10 Fr | 10 So LX | 10 Mi CoDir | 10 Fr | 10 Mo 2 | 10 Do Réunion | 10 Do | 10 So | 10 Di | 10 Fr | 10 So pow-wow | 10 Mi | 10 Sa |
| 11 Sa | 11 Mo 41 | 11 Do | 11 Sa | 11 Di | 11 Fr | 11 Fr | 11 Mo 15 | 11 Mi IC / Respect It | 11 Sa | 11 Mo 28 | 11 Do | 11 So |
| 12 So JDC | 12 Di | 12 Fr | 12 So | 12 Mi IC / Respect It | 12 Sa | 12 Sa BB | 12 Di | 12 Do | 12 So | 12 Di | 12 Fr | 12 Mo 37 |
| 13 Mo 37 | 13 Mi IC / Respect | 13 Sa TC | 13 Mo CA FAF 50 | 13 Do | 13 So | 13 So BB | 13 Mi IC / Respect It | 13 Fr | 13 Mo 24 | 13 Mi IC / Respect It | 13 Sa | 13 Di |
| 14 Di | 14 Do | 14 So TC | 14 Di | 14 Fr | 14 Mo 7 | 14 Mo 11 | 14 Do | 14 Sa SIXPLO | 14 Di | 14 Do | 14 So | 14 Mi AG FNEL |
| 15 Mi AG FNE | 15 Fr SC/EX | 15 Mo 46 | 15 Mi IC / Respect | 15 Sa TC | 15 Di | 15 Di | 15 Fr | 15 So SIXPLO / F | 15 Mi IC / Respect It | 15 Fr | 15 Mo JF | 15 Do |
| 16 Do | 16 Sa Jota-Joti | 16 Di | 16 Do | 16 So TC | 16 Mi | 16 Mi | 16 Sa | 16 Mo 20 | 16 Do | 16 Sa Camp Fédé | 16 Di | 16 Fr |
| 17 Fr | 17 So Jota-Joti | 17 Mi IC / Respe | 17 Fr COFO/ComP | 17 Mo 3 | 17 Do | 17 Do COFO | 17 So | 17 Di | 17 Fr | 17 So Camp Fédé | 17 Mi | 17 Sa rentree |
| 18 Sa | 18 Mo 42 | 18 Do COFO | 18 Sa | 18 Di | 18 Fr | 18 Fr | 18 Mo JF 16 | 18 Mi CoGro | 18 Sa | 18 Mo Camp F 29 | 18 Do | 18 So JDC |
| 19 So | 19 Di | 19 Fr | 19 So | 19 Mi | 19 Sa | 19 Sa SC Explo | 19 Di | 19 Do COFO/ ComPro | 19 So | 19 Di Camp Fédé | 19 Fr | 19 Mo 38 |
| 20 Mo 38 | 20 Mi | 20 Sa | 20 Mo 51 | 20 Do COFO | 20 So | 20 So SC Explo | 20 Mi | 20 Fr | 20 Mo 25 | 20 Mi Camp Fédé | 20 Sa RO'Vélo | 20 Di |
| 21 Di | 21 Do COFO/ ComP | 21 So | 21 Di | 21 Fr | 21 Mo 8 | 21 Mo 12 | 21 Do | 21 Sa | 21 Di | 21 Do Camp Fédé | 21 So RO'Vélo | 21 Mi |
| 22 Mi | 22 Fr BV | 22 Mo 47 | 22 Mi | 22 Sa TC TB M | 22 Di | 22 Di | 22 Fr Mastercla | 22 So | 22 Mi Fête Nationa | 22 Fr Camp Fédé | 22 Mo RO'Vél 34 | 22 Do |
| 23 Do COFO | 23 Sa | 23 Di | 23 Do | 23 So TC | 23 Mi | 23 Mi CoGro | 23 Sa BB Maste | 23 Mo 21 | 23 Do JF | 23 Sa Camp Fédé | 23 Di | 23 Fr |
| 24 Fr | 24 So | 24 Mi CoGro | 24 Fr | 24 Mo 4 | 24 Do COFO/ Com | 24 Do ComPro/ComC | 24 So BB Maste | 24 Di | 24 Fr | 24 So Camp Fédé | 24 Mi CoDir Bilan | 24 Sa |
| 25 Sa | 25 Mo 43 | 25 Do ComPro/C | 25 Sa | 25 Di | 25 Fr | 25 Fr | 25 Mo 17 | 25 Mi | 25 Sa | 25 Mo Camp F 30 | 25 Do | 25 So |
| 26 So | 26 Di | 26 Fr | 26 So | 26 Mi CoGro | 26 Sa TC RV | 26 Sa | 26 Di | 26 Do JF | 26 So | 26 Di Camp Fédé | 26 Fr | 26 Mo 39 |
| 27 Mo 39 | 27 Mi | 27 Sa | 27 Mo 52 | 27 Do ComPro/ComC | 27 So TC | 27 So | 27 Mi | 27 Fr | 27 Mo 26 | 27 Mi Camp Fédé | 27 Sa | 27 Di |
| 28 Di | 28 Do | 28 So | 28 Di | 28 Fr | 28 Mo 9 | 28 Mo CA FAF 13 | 28 Do COFO/ ComPr | 28 Sa | 28 Di | 28 Do Camp Fédé | 28 So | 28 Mi |
| 29 Mi | 29 Fr | 29 Mo 48 | 29 Mi | 29 Sa Cheffecityt | | 29 Di | 29 Fr | 29 So | 29 Mi CoGro | 29 Fr Camp Fédé | 29 Mo 35 | 29 Do |
| 30 Do | 30 Sa SC/EX | 30 Di | 30 Do | 30 So Cheffecityt | | 30 Mi | 30 Sa | 30 Mo CA FAI 22 | 30 Do COFO/ ComPr | 30 Sa Camp Fédé | 30 Di | 30 Fr |
| | 31 So SC/EX | | 31 Fr | 31 Mo 5 | | 31 Do | | 31 Di | | 31 So Camp Fédé | 31 Mi | |

## Layout vun der Zeitung

Dir fannt all eis Aktivitéiten dem Datum no. E Pictogramm weist wat fir eng Branchen drun deelhuelen.

Hei eis Pictogrammen an hier Bedeitung:




Biber



Wëllefcher



Scouten a Guiden



Explorer



Rover



Grizzly



Eltren



Cheffen

*Les textes et explications en langue Française sont représentés en italique après les textes luxembourgeois.*





## Zeitung Fun and Friends nees an der Bréifboîte !

Moien léif Elteren an Gruppememberen,

Nodeem mir déi lescht Zeitungen nëmmen als PDF verschéck hunn sinn mir frou iech des Editioun kënnen an Papeierform zoukommen ze loossen.

Et gëtt och eng weider Ännerung: All Famill / Adress kritt ab elo nëmmen nach eng Zeitung an d' Bréifboîte. Dat maachen mir fir net onnéideg vill Zeitungen drécken ze loossen. Domat spueren mir Suen an och ganz vill Pabeier an Tënt.

Wann dir Trotzdeem méi wéi eng Zeitung pro Stot braucht, dann schreift eis wannechgelift eng Email op grengscouten@gmail.com . Um Bierg an der Buvette leien ëmmer e puer Exemplarer aus, do kann een sech och nach eng froen virun oder no der Reunioun.

Mir soen iech Merci fir äert Versteesdemech!

Chefs de Groupe

---

## Cotisatioun



Wann dir är Cotisatioun 2021 nach net bezuelt hutt, dann gesitt dir hei wéi vill et ass an wéi genau dir dat maachen kënnt.

Dir kënnt är Cotisatioun den 18. September op der Rentrée bezuelen. Also denkt drun den Betrag als boer Suen mat op de Bierg ze bréngen.

Oder dir erleedegt dat per Iwwerweisung.

Den Betrag vun **€ 30,-** gett op de Konto bei der Spuerkeess

BCEELULL LU94 0019 1300 5562 5000 iwwerwisen.

Communication: Cotisatioun 2021, Numm vum Member

Merci, an e schéint Scoutsjoer!


Ganz Wichteg!! Bis den **2. Oktober** muss iwwerwisen sinn. Ouni Cotisatioun Sidd dir oder ass äert Kand net assuréiert wärend eisen Aktivitéiten.

# ??wousst dir schon??

Mir sinn och um Internet ze fannen!

www.grengscouten.lu

Hei ginn et ëmmer aktuell Informatiounen an et kann een och den Fun & Friends kucken goen. Sou huet een seng Zeitung ëmmer an der Täsch!




Op Facebook sinn mir och:

https://de-de.facebook.com/grengscouten/

Hei weisen mir och Fotoen vun Aktivitéiten

www.scoutcenter.lu

Eisen Home kann een och lounen! D'Locatioun, all Detailer zum Home, eng Präisléscht, e Kalenner mat de fräien Datumer an och e Kontaktformular fënnt een hei op eisem neien Site




Hei e puer kleng Andreck!



# Covid-19 Informatiounen

Moien léif Elteren,

Fir d'Gesondheet vun all eisen Memberen ze garantéieren, wollten mir iech op déi néi Reegelen hiweisen.

- D'Wëllef, d'Scouten, d'Explorer an d'Cheffen mussen eng Mask an der Reunioun undoen wann dëss dobannen stattfennt. (eréicht bei iwwer 10 Leit) Dobaussen brauchen mir keng Mask méi
- Kanner déi am Isolement oder an Quarantän sinn, mussen doheem bleiwen

Fir d'Reuniounen gëllen ab dem 15.07.21 folgend Reegelen:

- Fir d'Biber an d'Wëllef sinn d'Reuniounen elo ëmmer vun 14:00-16:00
- Fir d'Scouten an d'Explorer sinn d'Reuniounen ëmmer vun 16:00-18:00

Duerch déi verschidden Auerzäiten vermeiden mir eng ze grouss Usammlung vun Leit op eisem Site.

- Dir musst är Kanner elo ëmmer per SMS beim Branchechef (Nummer steet hannen op der Zeitung) umellen bis spéitstens 1 Stonn virun der Reunioun, fir dass mir eis besser kënnen organiséieren an preparéiere.
- Kanner déi net ugemellt sinn, mussen mir leider heem schécken.
- Dobannen mussen d'Kanner an Gruppen vun 10 opgedeelt sinn, dofir wäerten mir vill mat Posten schaffen an grouss Spiller evitéieren.
- D'Reuniounen wäerten sou wäit wéi et geet dobaussen statt fannen, dofir dot är Kanner onbedéngt dem Wieder entspriechend un.
- Aktivitéiten mat Iwwernuechtung sinn méiglech nemmen mat test, certificat de vaccination oder certificat de rétablissement.

Falls sech eppes un den Moossnamen änneren sollt, kritt der eng Mail vun eis. Dowéinst vergiesst net virun den Reuniounen oft genuch är Mailen kucken ze goen.

Mir soen iech Merci fir äert Versteesdemech an sinn eis sécher, dass mir mat ärer Zesummenaarbecht d'Sécherheet kënnen garantéieren an nach vill flott Reuniounen kënnen maachen.

Chefs de Groupe
Gréng Scouten a Guiden Diddeleng

# *Informations Covid-19*

*Bonjour chers Parents,*

*Pour assurer le bien-être de tout le monde, il y a quelques règles à suivre :*

- *Les louveteaux, les scouts, les explorers et les chefs doivent porter un masque pendant la réunion seulement si lcelle-ci se déroule à l'intérieur. (avec plus que 10 personnes) À l'extérieur le masque n est plus nécessaire.*
- *Les enfants qui se trouvent en isolement n'ont pas le droit de venir dans les scoutes*

*Pour les réunions, nous avons dès le 15.07.21 les consignes suivantes :*

- *Pour les castors et les louveteaux les réunions sont de 14:00-16:00*
- *Pour les scouts et les explorers les réunions sont de 16:00-18:00*

*Avec les nouvelles horaires nous évitons les rassemblements nombreux sur notre site.*

- *Vous devez inscrire vos enfants par SMS chez le chef de branche (le numéro se trouve à la dernière page du journal) au plus tard une heure avant chaque réunion. Ainsi nous avons la possibilité de mieux nous organiser et préparer.*
- *Les enfants qui ne sont pas inscrits, doivent malheureusement rentrer à la maison*
- *À l intérieur, les enfants doivent être regroupés à 10. Voilà pourquoi, nous allons travailler avec des postes et éviter de faire des Grand-jeux.*
- *Les réunions se déroulent pour la plupart du temps dehors, donc les enfants doivent mettre des vêtements correspondants au temps.*
- *Les activités avec nuitées sont possible seulement aves un teste,* certificat de vaccination oder certificat de rétablissement.

*Si il y a des changements, on va vous le communiquer par Mail. Veuillez s.v.p vérifier vos Mail avant chaque réunion.*

*Merci pour votre compréhension et nous sommes sûrs qu'avec votre coopération nous puissions garantir la sécurité et faire des réunions géniales.*

*Chefs de Groupe,*
*Gréng Scouten a Guiden Diddeleng*

## 10. September | Masterrot

Mir invitéieren op den Masterrot Freides um 19:00 Auer. Den Ordre du Jour an eng Erënnerung kommen via E-Mail.

## 12. September | Journée des chefs

Cheffen dir wësst schonn Bescheed an sidd bestëmmt schonn ugemellt. Vill Spaass um Fetschenhaff.

## 15. September | AG vun der FNEL

| | | |
|---|---|---|
| Wéini: | Um 19:30 Auer | |
| Wou: | Folschette am Centre culturelle | (40, rue Principale, L-8834 Folschette) |
| | bei den Rammericher Fräschen | (Informatiounen zum Transport kommen no) |
| Umellen: | beim Vanessa **621 729 143** bis den **6. September** | |
| Wéi: | ënnert dem Regime vum CovidCheck | |

## 18. September | Rentrée | Porte ouverte

No enger laanger Paus treffen mir eis endlech erëm vun 15 bis 18 Auer um Bierg well d'Rentrée steet un! Dier kënnt selwer Spaass hunn bei Atelieren an aner Kanner motivéieren an déi Gréng Scouten ze kommen.

No enger wuelverdéngter Summervakanz, ass nees Zäit fir Scouten. Mir fänken eist Joer mat der grousser Rentrée bei eis um Bierg un. Op dës Rentrée kann du och gären een Kolleeg matbréngen.

*Après les vacances d'été, nous nous revoyons pour notre rentrée et si tu veux, tu peux aussi apporter un copain.*

Haut starten mir erëm an en neit Scoutsjoer. Dofir sidd dir all wëllkomm ob eiser groussen Porte ouverte vun 15:00 – 18:00 Auer wou mir déi eng oder aner Aktivitéit fir iech preparéiert hunn. Dofir verpass net fir haut den Mëtteg op den Bierg laanscht ze kommen an zesummen mat eis flott Aktivitéiten ze maachen! Vergiess net deng Kolleegen mat op den Scoutsbierg mat ze bréngen!!




# GRENG SCOUTEN A GUIDEN

## DIDDELENG

Biber // 4 - 7 Joer
Wëllef // 8 - 10 Joer
Scouten a Guiden // 11 - 13 Joer
Explorer // 14 - 15 Joer
Rover // 16 - 21 Joer
Grizzly // 21+ Joer

Samschden, den 18. September
vun 15 bis 18 Auer
um Scoutsbierg am Home Belvedère

100, rue Jean Friederich
L-3469 DUDELANGE

fnel scouts & guides

méi iwer eis ënner: grengscouten.lu
bei Froen: grengscouten@gmail.com

GRENG SCOUTEN DIDDELENG Luxembourg

## 25. September

Dësen Samschden ass déi éischt richteg Versammlung déi ugeet mat Kennenléierspiller fir déi nei Kanner awer och déi al besser kennenzeléieren. Kommt dofir vun 14:00-16:00 Auer ob den Bierg.

Fir eis néi Wëllef am Ruddel ze begréissen treffen mir eis haut um 14:00 Auer um Bierg. Mir verbréngen eng flott Versammlung zesummen an et ass am Beschten  wann s du al Kleeder undees. Deng Elteren kënnen dech dann nees um 16:00 Auer ofhuelen.

*Pour accueillir les nouveaux louveteaux dans notre meute nous nous rassemblons à 14:00 heures sur notre site. Nous passons une belle réunion ensemble et c'est mieux de mettre des vieux vêtements. Tes parents peuvent venir te chercher à 16:00 heures.*

Haut léieren mir eis besser kennen fir als Ekipp zesummen ze wuessen. Um Programm stinn diverse Team-building an Kennenléierspiller. Dofir komm vun 16:00 bis 18:00 Auer op de Bierg. PS.: No der Versammlung hunn mir och eng kleng Stäerkung fir iech virgesinn.

Dësen Samschden gees du an Explorer opgeholl dofir komm vun 16 bis 18 Auer op den Bierg. Et ass wichteg dass du un Rechange Gezeih denks an och däin Scoutswëssen matbréngs.










## 2. Oktober | Vizfest

Dës Woch steet eis d' Vizfest un, kommt dofir vun 14:00 bis 18:00 Auer op de Bierg wou mir frësche Viz maachen an alles iwwer den Apel kenneléieren.

Wéi all Joers ass haut eist traditionellt Vizfest an dës Versammlung dréint sech ëm den gudden Apel. Mir treffen eis um14:00 Auer bei eis um Bierg, wou deng Elteren dech dann och um 16:00 Auer nees kënnen siche kommen.

*Aujourd'hui a lieu notre Vizfest et la réunion se tourne autour de la pomme. Nous nous rencontrons à 14:00 heures sur le site et tes parents peuvent t'y ramener à 16:00 heures.*

## 2. - 3. Oktober | Vizfest

Dësen Weekend ass eist bekannten Vizfest. Den Samschdeg treffen mir eis um 14 Auer um Bierg fir frësche Viz ze pressen. Dat ganzt dauert bis 18:00 Auer. Sonndes treffen mir eis schonn um 11:00 Auer. Em d' Mëttegiessen bekëmmeren mir eis. Um 18:00 Auer kennen deng Elteren dech nees siche kommen.






# Vizfest

dëst Joër bei eis um

Bierg beim

Home Belvedère

100, rue Jean Friederich

kommt ären fréschen

Viz einfach sichen!

a bréngt roueg är eegen Fläschen mat

GRENG SCOUTEN DIDDELENG Luxembourg

**Samschdes, 02.10**

vu 14.00-18.00h

**Sonndes, 03.10**

vun 11.00-18.00h

3 euro d'Fläsch

**Sonndes, 3.10**
**zweschend 12h an 13h**
**Träipen**

Menü: 13 euro

Virbestellung vun den Träipen bis den 29.09. un:

grengscouten@gmail.com

Bezuelt gëtt sur Place

## 9. Oktober



Dësen Samschden treffen mir eis vun 14:00 bis 16:00 Auer fir en flotten Bësch-Bingo ze spillen.




Dës Versammlung ass speziell, well leider all är Cheffen dësen Weekend op der Formatioun sinn. Dat ass awer keen Grond fir keng Versammlung ze maachen, well mir hunn Ersatz fonnt. D' Versammlung dauert vun 15:00 bis 18:00 Auer an den Treffpunkt ass beim Gehaansbierg (Mont St. Jean) zu Diddeleng, wou dir een flotten Rallye maacht.

*Cette réunion est spéciale car tout tes chefs sont absents. Ils participent à leur formation. Tout de même, il y aura une réunion, car nous avons organisés des remplaçants. Ainsi la réunion est de 15:00 heures à 18:00 heures est le rendez-vous est au Gehaansbierg (Mont St. Jean) à Dudelange pour faire un rallye.*



Haut maachen mir eng Aktivitéit dobaussen, déi eis am Laf vum Scoutsjoer nach vu Notze wäert sinn. Dofir komm um 16:00 Auer mat dem Wieder ugepassten Kleeder op den Bierg an vergiess däin Täschemesser net. Um 18:00 Auer wäert eis Versammlung nees fäerdeg sinn.



Haut maachen mir eng Aktivitéit dobaussen, déi eis am Laf vum Scoutsjoer nach vu Notze wäert sinn. Dofir komm um 16:00 Auer mat dem Wieder ugepassten Kleeder op den Bierg an vergiess däin Täschemesser net. Um 18:00 Auer wäert eis Versammlung nees fäerdeg sinn.





## 16. Oktober | Jota-Joti

Dësen Samschden ass den Jota-Joti wou mir mat all den Scouten aus der Welt kennen kommunizéieren! Dofir brauchen mir iech vun 14 bis 16Auer um Bierg.

15-17 OCTOBER / OCTOBRE 2021

Haut ass et nees sou weit ! Et ass Jota-Joti an mir wäerten erëm villes iwwert Funken an Morsen léieren. Dofir komm vun 14:00 Auer bis 16:00 Auer op den Bierg an huel deel un dësem internationalen Jamboree on the Air.

*Comme chaque année nous participons au Jota Joti. Cette réunion nous allons apprendre beaucoup à partir du morse et de la communication. Ainsi, tu dois venir de 14:00 à 16:00 heures sur notre site.*

## 16. - 17. Oktober | Jota-Joti

Dësen Weekend steet den Jota-Joti virun der Dier. Wei all Joer treffen sech all d' Scouten aus der ganzer Welt fir zesummen ze funken an ze chatten. Den Weekend wäert vun Samschdeg 14:00 Auer bis Sonndes 17:00 Auer goen. Wichteg ze wëssen ass just dass deen Weekend och eis Montée ass, wou all di nei Scouten sech beweisen mussen. Weider Infoen zum ganzen Weekend kritt dir nach vun eis mat Zäiten matgedeelt. Denk un den 7 Saachen fir um Bierg ze iwernuechten.

Dësen Weekend steet den Jota-Joti virun der Dier. Wei all Joer treffen sech all d' Scouten aus der ganzer Welt fir zesummen ze funken an ze chatten. Dofir pack däin Kuerf an komm vun Samschdeg 14:00 Auer bis Sonndes 17:00 Auer op den Bierg fir des Erfarung net ze verpassen. Denk un den 7 Saachen fir um Bierg ze iwernuechten.

## Umeldung

Ech (Numm vu Mamm/Papp/Erzéiungsberechtegten) ____________________
erlaben et mengem Kand (Numm vum Kand) ____________________
um Jota-Joti 2021 vum 26. & 17. Oktober 2021 deelzehuelen.

Den Umeldungsziedel matt de 25,00 € ginn ech mengem Kand mat an eng Reunioun bis den **9. Oktober.**

Ënnerschreft :

____________________

# 23. Oktober

Boohoo! Op dësem Daach gëtt eng grujeleg Halloweenparty gefeiert. Pakt schonn mol ären geféierlechsten Kostüm aus! An kommt vun 18:00 bis 21:00 Auer op den Bierg

Maach dech bereet op eng grujeleg an gespenstesch Party. Fir dat den Grujelfaktor do ass, brauchen mir awer och genuch Gestalten. Also do deng erschreckendst Verkleedung un an komm vun 18:00 Auer bis 21:00 Auer bei eis op den Bierg. Fir Iessen an Gedrénks ass gesuergt.

*Sois prêt pour une effrayante fête. Pour que notre fête d'Halloween devienne un succès tu dois mettre ton meilleur costume et venir de 18:00 heures à 21:00 heures sur notre site. Il y aura quelque chose à manger et à boire.*

Haut maachen mir eng Bastel zum Thema Halloween. Dofir komm vun 16 bis 18 Auer op den Bierg.

Halloween steet virun der Dier.  Mer wäerten den Wëllef a Biber bei hirer Party hëllefen an awer och Stëmmung matbréngen. Dofir bréng eng Verkleedung mat an dann treffen mir eis vun 16:00 bis 19:00 Auer um Bierg.







## 30. Oktober - 6. November | Allerhellegevakanz

Mir wënschen iech all eng schéin Vakanz!!

## 13. November

Eng nei Joreszäit geet grad un an dowéinst maachen mir haut eng Bastelaktivitéit zu all den Joreszäiten. Kommt vun 14:00 bis 16:00 Auer bei eis op den Bierg.

Doduerch, dass d' Wierder am November net ëmmer matspillt, verbréngen mir haut eis Versammlung mat enger spannender Bastel. Du muss dofir eng Nylons Collant matbréngen, do kanns de jo deng Mam oder deng Boma froen, déi hunn bestëmmt sou epes fir dir matzegin. Dat ganzt dauert wéi ëmmer vun 14:00 bis 16:00 Auer.

*Comme le temps n'est pas toujours le meilleur en novembre, nous allons passer notre réunion dans le chalet sur notre site. Nous allons bricoler quelque chose et pour le faire tu dois apporter un collant en nylon. Notre réunion sera de 14:00 à 16:00 heures*

Haut maachen mir eng Owesaktivitéit. Dot iech dem Wierder ugepasst un an kommt vun 18 bis 20 Auer op den Bierg. Vergiesst är Täscheluucht an är Motivatioun net.

Haut sinn deng Schaffkënscht mat Holz gefrot, dowéinst treffen mer eis vun 16:00 bis 18:00 Auer um Bierg.

## 16. - 31. Juli 2022 | Camp Fédéral a Schweden

2022 fënnt, mat engem Joer Verspéidung, den nächste Federalcamp statt. Dëst am wonnerschéine Schweden, wou zesummen mat Scouten, Explorer an Rover een onvergiessleche Camp op d'Been gestallt gëtt. Also spëtz deng Oueren!!! MORE INFO TO COME!

D' FNEL mecht och en Opruf:

Fir de Camp méiglech ze maachen, brauche mir awer nach eppes: DECH! Du bass gewëllt eng Hand bei dësem aussergewéinleche Camp mat unzepaken? Sief dat an engem Sous-Camp, bei de Scouten den Explorer oder de Rover, an der Kommunikatioun, beim Programm oder sos enger Charge: Mir brauchen dech, fir eise Scouten ee memorabele Camp ze bidden! Ob eleng oder mat Kolleegen aus dengem Grupp, komm bei eis jonk a motivéiert Ekipp a sief Deel, vun dëser «once in a Lifetime» Experienz.

Mell dech mat engem klenge Mail un campfederal@fnel.lu an deel eis mat, a wéinegem Beräich dass du dir kéints virstellen, mat ons zesummen ze schaffen. Mir freeën eis vun dir ze héieren








Frendschafts-knuet
Achter-knuet
Henkersknuet
Fëscherknuet
Platte-Knuet
Achter-schléng


survival

# Kontakter

**Méindes bis Freides : ab 18h**

**Chef de Groupe**
HIM Vanessa — vanessahim.gs@gmail.com
621 729 143

**Chefs de Groupe adjoints**

SCHMIT Marc — marcschmit@gmail.com
691 940 929

LEICK Christophe — grengscouten@gmail.com
+49 152 220 992 87

**Secrétaire**
LEICK Christophe — grengscouten@gmail.com
+49 152 220 992 87

**Trésorière**
NIELES Danièle

**Responsable Biber**
WELTER Finn — greng.biber@gmail.com
661 668 855
MOUSEL Bob
621420435

**Responsable Wëllefcher**
HIM Melanie — gs.wellefcher@gmail.com
621 520 242
AZEVEDO André
621 680 482

**Responsable Scouten a Guiden**
BINZ Yann
691 231 756

**Responsable Explorer**
HALSDORF Joey
621 574 099

**VERWALTUNGSROT Location**
**Les Amis des Greng Scouten a Guiden asbl** — scoutcenter.lu


**REDAKTIOUN**
Branchecheffen

**LAYOUT**
LEICK Christophe

**DROCK**
Fondatioun Kräizbierg
Oplag: 160 Stéck

erschéngt bis 6x am Joër

**IMPRESSUM**
Gréng Scouten a Guiden ASBL
B.P. 3 L-3401 Dudelange

Tél.: +352 51 1998
www.grengscouten.lu
grengscouten@gmail.com

BCEELULL LU94 0019 1300 5562 5000





PERIODIQUE
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
P&T LUXEMBOURG
Port payé
PS/490